N°1739
Entrée le 04.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1739 vum 8. Januar 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

Gesellschaften, déi sougenannte „Chèques repas" ausstellen, kënnen am Kader vum Gesetz vum 10. November 2009 iwwer Bezuelungsservicer, jee no Funktionalitéit a jee no Typ „Chèque repas", vun den Exklusioune vum virgenannte Gesetz profitéieren. Fir den digitale „Chèques repas" ka sech deemno de Buschtaf k) vum Artikel 3 vum virgenannte Gesetz applizéieren. Et sief an dësem Kontext och op d'Circulaire 22/812 vun der Lëtzebuerger Finanzopsiicht (CSSF), déi déi diesbezüglech Orientatioune vun der europäescher Bankenautoritéit (EBA) unhëlt, verwisen.

Op Basis vun dëser Exklusioun brauche virgenannte Gesellschafte keen Agrement vun der CSSF an ënnerleien deemno och net der Opsiicht vun der CSSF.

Am Kader vum Artikel 3-1, Paragraf 3, vum Gesetz vum 10. November 2009 huet sech eng Gesellschaft mat engem Projet bei der CSSF gemellt. An deem Fall bestoung keng Notifikatiounspflicht.

Wann déi elektronesch Bezuelmëttel net vun den Exklusioune vum Gesetz profitéieren, mussen d'Gesellschaften, déi dës ausstellen, een Agrement vun der CSSF bezéien an sech un d'Virgabe vum Gesetz vum 10. November 2009, virop den Artikel 24-10 iwwer de Schutz vun de Suen, haalen. Dës Etablissementer mussen deemno d'Sue vun hire Clientë vun deene vun anere Persoune getrennt halen, eng Versécherung oder eng vergläichbar Garantie agoen. Duerch d'Trennung (*ségrégation*) vun de Sue gëtt séchergestallt, dass d'Sue vun de Clienten z.B. am Fall vun enger Faillite net an d'Masse vun dëser falen. Méi allgemeng profitéieren d'Clientë vun deenen Etablissementer och vun de Konsumenteschutzreegelen vum virgenannte Gesetz.

Et ass momentan net ugeduecht de gesetzleche Kader fir Bezuelungsservicer a Bezuch op „chèques repas" unzepassen. Et sief och ze bemierken, dass d'Reegelen iwwer elektronesch Bezuelmëttel enger europäescher Direktiv entsprangen, déi eng maximal Harmonisatioun tëscht de Memberstaate virgesäit.

Lëtzebuerg, de 4. Februar 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth